BICHERTHÉIK SCHENGEN
& KULTURKOMMISSIOUN GEMENG SCHENGEN
presentéieren

# LIESUNG VUM JEMP SCHUSTER

MUSIKALESCH BEGLEEDUNG VUM **CLAIRE PARSONS**

**25** ABRËLL UM **20** AUER



De Jemp Schuster liest aus sengem neie Roman ***BÉISCHTEN***. (Verlag KREMART 2023). E stellt sech an d'Rei nieft déi zwéin aner Romaner: Bluttsëffer (2020) an Ouereschlëffer (2021). Et ass awer eng ganz nei Geschicht.

An deem klengen Éisleker Duerf, zu Kromber, geschéien an de Joren 1942 bis 1949, Saachen, déi am beschte keen dobausse gewuer gëtt. Wat anerwäerts einfach ënnert den Teppech gekiert géif ginn, läit hei nach e bësse méi déif begruewen.




Zanter hirem éischte Präis um "Luxembourg Music Awards" am Joer 2019 ass d'Claire Parsons international als Jazz-Gesangsolistin, Instrumentalistin a Komponistin bekannt a gefrot.

2020 huet si hire Studium am Jazz Gesang mat engem Master um Conservatoire Royal zu Bréissel ofgeschloss an ass zanterhier, als fräischaffend Musekerin, op villen nationalen an internationale Bünen a Festivaler ze gesinn an ze héieren.



FRÄIEN ENTRÉE **AB 19 AUER**

LEEËNHAUS
RUE DE LA SOURCE
WELLËSCHTEN

FIR GEDRÉNKS ASS GESUERGT

wellenstein
Syndicat d'initiative